# 1. Mee Ried
## Patrick DURY, LCGB-Nationalpresident
Embargo bis den 1. Mee 2023 – 10h30
(et zielt dat geschwate Wuert)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech begréissen Iech alleguer ganz häerzlech op eisen 1. Mee hei zu Réimech. Et ass dëst Joer zanter 2017 déi 5te Kéier, datt mir eisen 1. Mee am Kader vun eisem Familljefest hei zu Réimech organiséieren. E grousse Merci dem Buergermeeschter an dem Schäfferot vun der Gemeng Réimech a ganz besonnesch de Mataarbechter vum Service Technique. Ouni hiert Engagement an ouni d'Ënnerstëtzung vun eise Militanten, Delegéierten a Membere wier dëst Evenement net méiglech. Merci och un den Chef d'Orchestre Gast Waltzing deen mat sengem Jazz Orchester eis nach haut e flotten Concert wäert offréieren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et sinn elo 3 Joer hier, datt d'Pandemie vum Coronavirus eist Liewen quasi iwwer Nuecht komplett op d'Kopp geheit huet. Eis Gesellschaft, eis Aarbechtswelt, d'Kultur, esouguer dat Wichtegst, wat de Mënsch huet, eis sozial Kontakter sinn op en absolutte Minimum reduzéiert ginn.

Eist Land huet dës Crise sanitaire gemeeschtert, well mir déi néideg Mesuren am sanitäre Beräich geholl hunn, fir d'Gesondheet vun de Mënschen ze schützen an d'Regierung huet zesumme mat den Employeuren an de Gewerkschaften enorm Moyenen am Kader vum Chômage partiel an Hëllefen fir d'Betriber op de Wee bruecht, fir ze verhënneren, datt d'Crise sanitaire sech zu enger sozialer Krise mat héijem Chômage a vill Misär entwéckelt.

D'Reprise économique no der Crise sanitaire huet och eng ganz Rei vu Problemer mat sech bruecht déi duerch de russeschen Iwwerfall op d'Ukrain an d'Äntwert vun der ziviliséierter Welt op dëse barbareschen Akt enorm verstäerkt gi sinn. Fir et awer ganz kloer ze soen, zu den Sanktioune géint de Putin a seng Helfershelfer gëtt et keng Alternativ.

Mat Russland ass, esou laang et vu Krichsverbriecher a Massemäerder, Vergewalteger a Kannerhändler gefouert gëtt, keng Relatioun méi méiglech. Krichsverbriecher gehéiere liewenslänglech an de Prisong an d'Ukrain a seng Bierger brauchen net nëmmen elo, mee och nom Krich déi néideg Ënnerstëtzung fir hiert Land erëm opzebauen.

Dem Putin säi Krich ass net nëmmen e militäreschen Iwwerfall op d'Ukrain. De Putin well eis Demokratie, eis oppe Gesellschaft ënnerwanderen a futti maachen. Dëst doduerch, datt de russesche President méi oder manner oppe populistesch a extremistesch Politiker a Parteien am Westen ënnerstëtzt.

De Mister Trump an den USA, d'Madame Le Pen a Frankräich, d'AFD an Däitschland an esouguer hei am Land ginn et Parteien déi eis gesellschaftlech Entwécklung a Fro stellen. Dëst ass degoûtant a muss vun allen demokrateschen Organisatiounen net nëmmen denoncéiert mee op d'schäerfst zeréckgewise ginn.

De Putin féiert och e wirtschaftleche Krich géint d'Europäesch Unioun an notzt all Moyen als Drockmëttel an als Waff, fir sech Europa gefügeg ze maachen. Dës Erpressung huet grave Konsequenze fir déi europäesch Ekonomie, d'Aarbechtsplazen an d'Existenze vun de Salariéen.

Hei am Land huet d'Tripartite a knapp engem Joer 3 Accorden ausgehandelt. Duerch den Asaz vum LCGB mat deenen anere Gewerkschaften hu mir an dësen Accorden en Energiepräisdeckel fir Gas an Elektresch op de Wee bruecht, deen d'Inflatioun staark ofgebremst huet an doduerch substantiell Belaaschtungen fir d'Leit evitéiert.

Duerch den Asaz vum LCGB hunn mir den Index ofgeséchert a Steiertabell deelweis un d'Inflatioun ugepasst an domadder d'Kafkraaft vun de Salariéen a Rentner net nëmmen ofgeséchert, mee verbessert.

Duerch den Asaz vum LCGB sinn och an dësen Tripartitesaccorden eng ganz Rei vun Hëllefen fir Betriber virgesinn, esou datt d'Aarbechtsplaze besser ofgeséchert ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Dem LCGB seng Fuerderungen, seng Prioritéite sinn an allen 3 Accorde voll zum Droe komm. Nämlech d'Kafkraaft an d'Existenzen vun de Salariéen ofzesécheren. Den LCGB huet sech an däser Tripartite engagéiert fir an enger komplett imprevisibeler Situatioun de Leit déi hei am Land liewen a schaffen esou vill Sécherheet a Previsibilitéit ewéi méiglech ze ginn.

D'Resultater vun däser Tripartite soll alleguer déi op de Buedem vun den Tatsaachen zeréckhuelen, déi eisen Modell ëmmer erëm a Fro stellen an déi de Stellewäert an de Rôle vun de Gewerkschafte wëllen ënnergruewen.

Kolleeginnen an Kolleegen,

D'ganz Equipe vum LCGB huet enorm vill geschafft an de leschten 3 Joer an d'Resultater kënnen sech weise loossen. Mir hu gutt Tripartitesaccorden ausgehandelt déi ganz konkret d'Leit ënnerstëtzen an d'Aarbechtsplazen ofsécheren. A mir sollen eis all bewosst sinn, datt de soziale Fridden hei am Land keng Selbstverständlechkeet ass mee just um Modell vun der Tripartite, engem funktionéierende Sozialdialog an de Betriber an um Index berout.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Zanter der Stolkrise hunn déi verschidden Accorde vun der Tripartite dofir gesuergt, datt eis Ekonomie an eis Aarbechtsplazen an domadder d'Leit déi hei am Land liewen a schaffen, gestäerkt aus all Krise erauskomm sinn. Regierung, Patronat a Gewerkschaften hunn et sech dobäi ni einfach gemaach. Oft war de Wee zum Kompromëss schwiereg a schwéier. Et brauch den Engagement vun allen Säiten fir zu engem Accord ze kommen. Esou ganz niewebäi gesoot huet d'Tripartite dofir gesuergt de soziale Fridden hei am Land ze erhalen an dat op eng Aart a Weis déi, am Verglach mat aneren Länner, unique ass.

Awer, Kolleeginnen a Kolleegen, de soziale Fridden kënnt net vun alleng, de soziale Fridden huet e Präis an dat ass eise Sozialmodell. Dofir soll all Mënsch, deen hei am Land Responsabilitéit dréit, sech däers bewosst sinn. Wien d'Existenze vun senge Salariéen a Fro stellt, wien eis Conciliatioun an domadder Kollektivvertrag well aushiewelen, dee mëscht eisen Sozialmodell futti.

Den LCGB well daat net, den LCGB fuerdert Léisungen am Sënn vun de Leit déi an de Betriber schaffen.

D'Industrie huet dat verstanen. Ech hoffen jo, datt Cargolux dat och geschwënn versteet. Am aneren Fall kann et kee soziale Fridden ginn. Dann ass de Sozialkonflikt mat alle Konsequenzen programméiert.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Pandemie huet eis virun Aen gefouert ewéi ofhängeg d'europäesch Unioun vu Länner ewéi Russland a China ass. Am Fong muss ee feststellen ewéi ofhängeg d'europäesch Unioun sech selwer gemaach huet. Masken, Medikamenter, Gas, Chip'en, dat sinn nëmmen e puer Beispiller wou eng komplett verfeelte Wirtschaftspolitik op europäeschem Plang riskéiert zu engem Desaster ze feieren. Et gëtt net méi am Interêt vun den europäeschen Aarbechtsplaze gehandelt. Et geet ëm de Rendement financier oder op lëtzebuergesch ëm ëmmer méi Fric mat deenen sech e puer Leit d'Täsche wëlle fëllen an dat op Käschte vun der Allgemengheet.

Eng vun de Konsequenze vun der Crise sanitaire hätt solle sinn, Europa erëm méi autonom a méi onofhängeg ze maachen. Doduerch datt an Europa d'industriell Produktioun vu strategesche Produit erëm nei opgebaut gëtt. Doduerch datt Europa eng gemeinsam an koherent Energiepolitik fir d'Produktioun an Verdeelung vun elektreschem Stroum definéiert an den Import vum Gas gemeinsam op de Wee bréngt. Doduerch datt d'europäesch Kommissioun Tatsaache schafft an e Marschallplang fir d'Produktioun vun nohaltegem Stroum a Waasserstoff mat deenen néidegen Infrastrukturen definéiert. Doduerch datt an ganz Europa en Netz vun Opluetstatiounen opgebaut gëtt fir schnell an effizient den Autostrafic ze elektrifizéieren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

All dat ass net geschitt. Awer heroesch Kämpf mat Wandmillen, déi den Don Quichotte géifen neidesch maachen, heescht am Kloertext ob mir de Verbrenner-Aus dann elo 2030 oder besser 2035 géifen op de Wee bréngen?

Viru kuerzem huet d'EU-Parlament e Projet fir eng Direktive vun der Kommissioun ofgestëmmt wat energeetesch Performance vu Gebaier an Haiser ugeet. Wann dës Direktive esou duerchgeet, gëtt dat wat Leit sech an engem Liewen opgebaut hunn, mat engem Fiederstréch zerstéiert!

Dës europäesch Kommissioun ass esou neoliberal a bornéiert, dat heescht si hunn de Bléck fir d'Leit verluer a si fannen et net fir néideg europäesch Aarbechtsplazen ofzesécheren a géint sozialen an ekologeschen Dumping um Niveau vun den Importer ze protegéieren. Eng komplett protektionistesch Wirtschaftspolitik an den USA, zemools an deene Beräicher op deenen eis Zukunft berout an eng aggressiv chineesesch Expansiounspolitik bleift ouni Äntwert. En komplett perverst Ausleeë vum europäeschen Konkurrenzrecht huet honnerte vun Aarbechtsplaze bei Liberty Steel engem Bandit a senge Machenschaften ausgeliwwert.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Von der Leyen-Kommissioun ass eng komplett Faillitte fir d'Zukunft vun eisem Europa. Et ass inakzeptabel, datt eng Politik op de Wee bruecht gëtt, déi europäesch Aarbechtsplaze ruinéiert, d'Existenze vun de Salariéen a Fro stellt, en Investitiounsplang fir d'Zukunft mat Sprücheklopferei verwiesselt, an de soziale Volet, nämlech den Ausbau vun engem Sockel mat soziale Grondrechter duerch eng Tingeltangel - Show vun der Kommissioun ersetzt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et war d'Juncker-Kommissioun, déi en Investitiounsplang fir méi Aarbechtsplazen op de Wee bruecht huet, e Sockel fir sozial Grondrechter agefouert an EU Aarbechtsplaze mat Succès géint déi protektionistesch Iddien vum President Trump verdeedegt huet.

Et rächt sech also wann an der EU keng europäesch Spëtzepolitiker mat deenen néidege sozialen an europäeschen Iwwerzeegungen, mee ofgehalftert Politiker aus der zweeter oder drëtter Rei op Responsabilitéitsposte gesat ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Europa ass wichteg, Europa ass d'Zukunft och d'Zukunft vun eise Kanner. Europa ass alternativlos awer déi aktuell europäesch Politik am Parlament an an der Kommissioun ass inakzeptabel, well si ass géint d'europäesch Bierger gericht. Europa muss an d'Zukunft investéieren, Europa brauch en neien nohaltege Wirtschaftsmodell, e staarke Sozialmodell a méi Autonomie géigeniwwer Potentaten, Diktatoren a Konkurrenten.

Europa muss och seng rezent Geschicht opschaffen an d'EU Parlament wier gutt beroden säi Korruptiounsskandal lückenlos opzeklären an doriwwer eraus ze kläre wéi déi däitsch hegemonial Tendenzen a knapp 20 Joer quasi d'ganz europäesch Unioun dem Putin konnt ausliwweren andeems mir eis komplett ofhängeg vum russesche Gas gemaach hunn. Och ouni dem Putin seng Ënnerstëtzung gi populistesch an extremistesch Parteien a Politiker an Europa ëmmer méi staark. Géint d'Extremisten hëllefe keng Sonndesriede méi. Mir brauchen eng aner Politik déi eng staark sozial Ausriichtung huet an déi am Interêt vun den europäeschen Aarbechtsplazen an allen Bierger ass.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Och wa mir hei am Land am Kader vun der Tripartite gutt Accorde konnte fannen, esou hu mir eng Rei vu strukturelle Problemer, déi dringend misste geléist ginn. Den LCGB fuerdert elo schonn zanter Joren Reformen a Verbesserungen am Beräich vun eiser Gesondheetspolitik. Leider ass aktuell just de

Contraire de Fall. D'Versuergung mat Medikamenter erënnert mëttlerweil un eng Mangelwirtschaft. D'Waardezäiten fir en IRM oder an den Urgencen sinn absolut inakzeptabel.

Eis Gesondheetskeess huet sech entretemps zu engem Staat am Staat entwéckelt, déi sech selbstverléift mat sech selwer beschäftegt, incapabel schéngt d'Digitaliséierung unzegoen a wou et dann och d'geballte Luedung vum Minister braucht, fir datt déi Struktur sech un Urteeler vun den héchste Geriichter vun dësem Land soll halen.

Datt Assuréen zum Spillball vun "avis contraires" vum Contrôle Médicale a Médecine du Travail ginn an datt domadder d'Existenz vu Mënschen um Spill steet, grad esou ewéi datt nach ëmmer schwéier krank Mënschen no 78 Wochen am existenziellen Abseits stinn, ass nëmmen der Perversitéit vun engem System ze verdanken, deen komplett futti ass.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den LCGB fuerdert, datt an eiser Santé a Sécurité Sociale endlech Remedur geschaaft gëtt. Den LCGB fuerdert méi, a méi schnell Behandlungsméiglechkeet fir d'Assuréen, doduerch datt effizient an dezentral Strukture geschaaft ginn, déi d'Spideeler an Spidolspersonal entlaaschten an ambulant Traitementer, Diagnosen an Analyse geographesch iwwer d'ganz Land verdeelt, erméiglecht ginn.

D'Gesondheetskeess an hier selechen Instanze sinn no Joerzéngte Mismanagement vun dem zoustännege Ministère héchstwarscheinlech net méi ze reforméieren. Den LCGB fuerdert dofir datt CNS komplett nei strukturéiert gëtt an dobäi manner Direktiounspöstecher mee villméi déi garantéiert Prestatioune fir den Assuré am Mëttelpunkt stinn:

- Decisiounen, déi zäitno an einfach verständlech dem Assuré kënne matgedeelt ginn;
- eng Strategie fir CNS einfach a schnell ze digitaliséieren.

En Fonctionnement, dee sech éischter um Privatsecteur orientéiert wat de “lean management” ugeet an eng Philosophie déi sech bewosst ass datt een am Service vun den Assuréë steet a sech net am Kompetenzgerangel obreiwt. Eng Ausriichtung vun eiser Gesondheets- an Sozialversécherungspolitik, déi an all Aspekt, sief et Nomenclature, Akten oder Prestatioun dem Assuré déi bescht a lescht Traitementer ubitt déi d'Medezin kann offréieren. 3 Joer no der Pandemie misste sech eis politesch Responsabel bewosst ginn, datt d’Zäite geännert hunn, an datt Problemer ewéi Enkpäss mat der Versuergung vu Medikamenter nëmme mat enger deementspriechender proaktiver Politik kënnen opgefaange ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et gëtt een d'Gefill net lass, datt de Gesondheetssecteur hei am Land déi eenzeg Spillwiss ass, wou d'Planwirtschaft an aner sozialistesch Ideologien nach esou richteg kënnen ausgelieft ginn. An dat um Réck vun den Assuréen, um Réck vun de Patienten!

Komeroden, Dir musst endlech aus Äre lénken Dreem erwächen. D’Planwirtschaft ass schonn am real existéierende Sozialismus eng Faillitte gewiescht an huet virun 30 Joer mat dozou bäigedroen, datt d'Mauer gefall ass.

Den LCGB huet aus all dëse Grënn Ufank vum Joer eng Campagne op de Wee bruecht. Fir den LCGB muss an der Zukunft an der Santé den Interêt vum Assuré déi absolut Prioritéit kréien.

Kolleeginnen a Kolleegen,

En anere strukturelle Problem, deen eist Land huet, ass dee vum Logement. An der Logik vun eiser Maartwirtschaft muss een am Fong d'Offer massiv eropsetze fir der Demande gerecht ze ginn an d'Präisser an d'Loyeren net komplett derapéieren ze loossen. Dat heescht och, datt een e Klima schaaft wou an de Logement investéiert gëtt an de Staat dës Politik dann och mat Strukturen ewéi dem Fonds

de Logement matbegleet. Allerdéngs muss den zoustännege Minister sech soe loossen, datt d'Akzenter, déi hei an de leschte Gesetzestexter stinn, net an dës Richtung ginn. D'Zënspolitik vun der europäescher Zentralbank verschlëmmert dat Ganzt nach méi well, d'Prêt immobilier ëmmer méi deier ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Dat Ganzt steiert op ganz schwiereg Zäiten am Logement an am Bausecteur hin. Et gi manner Prêten ugefrot an accordéiert, an deementspriechend manner gebaut. Wéi mir elo rezent musse feststellen bedeit dëst och en staarkt Uwuesse vun de Loyeren. Doriwwer eraus kann et nach zu grousse Problemer bei der Beschäftegung um Bau an um Handwierk kommen. D'Politik huet hei d'Entwécklung net nëmmen an de leschte Jore verschlof, mee huet carrement déi falsch Decisiounen op de Wee bruecht.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Roll vun de Banke muss hei och hannerfrot ginn. An der Bankekrise huet dëse Secteur mat enorme finanzielle Mëttele missen ënnerstëtzt ginn. Dës Mëttele sinn aus dem Staatsbudget, also vun eis all komm. Haut erliewe mir, wéi ouni Récksiicht op Verloschter d'Zënsen ëmmer méi klammen an et net méi ausgeschloss ass, datt vill Leit a Gesellschaften hire Patrimoine musse verkafen. Domadder wäerten dann, erëm eng Kéier, Spekulanten a Profiteuren sech fir wéineg Geld um Misär vun de Leit enorm beräicheren. Et muss een also zur Conclusioun kommen, datt wann Politik géint Spekulatioun am Logement wollt virgoen, mir haut dann de Contraire erreecht hunn.

Den LCGB fuerdert ganz einfach, datt mir abordabele Wunnraum besonnesch fir jonk Familljen hei am Land schaffen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Krisenzäiten sinn nach laang net eriwwer. D'Crise sanitaire ass vun de Konsequenzen vum russeschen Iwwerfall op d'Ukrain ofgeléist ginn. D'Situatioun an där mir haut sinn muss eis alleguerten op de Plang ruffen.

Strukturell Elementer, ewéi Energiepräisser déi fir de Moment an Europa déi héchst am Vergläich mam Rescht vun der Welt sinn, do derniewt d'Zënsenentwécklung déi sech extrem nefaste op d'Investitiounen wäerten auswierken, kommen zesummen mat konjunkturelle Problemer, well d'Leit staark veronséchert sinn. An dat och ganz besonnesch duerch deen Firlefanz, deen déi aktuell EU-Kommissioun opféiert. Et kéint also sinn, datt e perfekte Stuerm an der Ekonomie an domadder och an der Beschäftegung op eis duerkënnt.

Den LCGB ass déi eenzeg Gewerkschaft déi an hiren Prioritéiten d'Ofsécherung vun den Aarbechtsplazen an den Existenzen net nëmmen mat oplëscht, mee sech doriwwer eraus voll dofir asetzt. Wéi mir an de leschten Tripartitten op dës Problematik higewisen hunn, si mir als Schwaarzmoler beläächelt ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Déi rezent Entwécklung huet eis leider net nëmme Recht ginn, mee eis schlëmmsten Erwaardungen sinn nach depasséiert ginn. 160 Aarbechtsplaze bei Celanese, 155 bei Husky a 50 bei John Zink stinn um Spill.

Den LCGB wäert sech fir all Aarbechtsplazen engagéieren an zesumme mat den Delegatioune versiche fir esou vill Aarbecht ewéi méiglech op deenen eenzele Sitten ze erhalen. Den LCGB ass sech awer bewosst, datt et hei ëm net manner ewéi 350 Salariéen an hir Famillje geet.

An dofir fuerdert den LCGB onmëssverständlech d'Ofsécherung vun den Existenze vun dëse Familljen, doduerch datt mir den Alternativmodell zum Chômage, also Preretraiten, Cellule de reclassement, mat Prêt Temporaire de Main d'Oeuvre an d'Formatioun esou spille loossen, datt kee muss an de Chômage goen, mee an der Aarbecht ka gehale ginn.

Den LCGB wëll de Modell, dee mir an der Sidérurgie entwéckelt hunn an dee mir op d'Luxair adaptéiert hunn och elo op de Secteur vun der Industrie applizéieren. Ech stellen och mat grousser Satisfaktioun fest, datt den Aarbechtsministère, de Wirtschaftsministère an d'FEDIL mat wëllen op de Wee goen an datt mir an den eenzele Betriber mat de Verhandlunge gutt virukommen. Dem LCGB säin Zil ass et e sektoriellen Accord fir d'Industrie auszehandelen, e Kader an deenen sech déi eenzel concernéiert Betriber kënnen erabréngen. Den LCGB vergësst och net déi 170 Kolleege vu Liberty Steel zu Diddeleng déi och vun dësem Modell musse profitéieren, wann et hei géif haart op haart kommen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Situatioun an eiser Ekonomie, d'Konsequenze vun der Krise weise ganz kloer drop hin, datt mir dringend eng Diskussioun iwwert eisen Wirtschaftsmodell brauchen. Mat Krisebewältegung oder Powerpoint Presentatioune wéi eis Ekonomie an 30 Joer kéint ausgesinn, ass et net gedoen. D'Nischepolitik ass um Enn a mir brauchen eng Wirtschaftspolitik, déi et fäerdeg bréngt, datt um Standuert Lëtzebuerg nei Aarbechtsplazen entstinn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wa mir elo de Bilan zéie vun eiser Aarbecht, eisem Asaz an eise Resultater, da kënne mir mat Iwwerzeegung all Salarié hei am Land an d'Gesicht kucken a kloer a konkret noweisen, wat mir geleescht hunn.

Den LCGB huet eng grouss, eng iwwer 100 järeg Geschicht. Den LCGB huet sech zu enger dreiwender Kraaft vum soziale Fortschrëtt an der Ofsécherung vun eise Kolleegen an de Betriber entwéckelt. Den LCGB ass net stoe bliwwen, mee huet sech kontinuéierlech ëmmer erëm nei opgestallt an weiderentwéckelt. Den LCGB well och an der Zukunft net nëmme Krise bewältegen, mee fir méi sozial Gerechtegkeet hei am Land antrieden.

Dofir steet ganz konkret eist Motto: **Muer e Schrëtt viraus!**

An dofir fuerdert den LCGB onmëssverständlech, datt Salariéen am Privatsecteur besser géint Risiken ewéi Chômage a Krankheet ofgeséchert gin. Den LCGB steet fir d'Ofsécherung vun den Existenzen vun de Salariéen an hire Familljen.

**Muer e Schrëtt viraus** bedeit fir den LCGB, datt de Räichtum deen am Privatsecteur duerch Salariéen erschaaft gëtt och gerecht verdeelt gëtt:

- duerch Participatioun un de Beneficer;
- duerch eng Steierpolitik déi déi kléng an mëttler Salairen entlaascht;
- duerch Bäibehalen vum onbefristen Aarbechtsvertrag als Regelaarbechtsvertrag.

**Muer e Schrëtt viraus** steet am LCGB fir d'Ofsécherung a Verbesserung vun eiser Kafkraaft duerch:

- d'Bäibehalen vum Index;
- d'Weiderféierung vun eiser Kollektivvertragspolitik;
- d'Aféieren vu neien Kollektivverträg esou ewéi mir dat am Commerce an an der Logistik rezent gemaach hunn;
- De reegelméissegen Ajustement vum Mindestloun.

Kolleeginnen a Kolleegen,

**Muer e Schrëtt viraus** fir méi sozial Gerechtegkeet heescht och eng Diskussioun iwwer d'Aarbechtszäiten, woubäi a Krisenzäiten eng Aarbechtszäitreduktioun muss méiglech gi fir déi Aarbecht, déi do ass, op méi Leit ze verdeelen a Produktivitéitsgewënner duerch d'Digitalisatioun och de Salariéen zegutt kommen ze loossen. Den LCGB fuerdert Diskussiounen iwwer nei Aarbechtszäitmodeller déi de Leit an hire Familljen entgéintkommen an der Personaldelegatioun e Codecisiounsrecht ginn wat d'Planifikatioun ugeet.

**Muer e Schrëtt viraus** ass den LCGB effektiv am Kader vun der Digitaliséierung an huet scho vill erreecht, notamment wat d'Reegelung vum Télétravail ugeet déi ganz staark eis Handschrëft dreift.

Nom Rappell vun de Reegelen vun der Deconnectioun muss elo onbedéngt Plattformaarbecht am Sënn vun de Salariéen gereegelt ginn obwuel hei ze fäerten ass datt Von der Leyen-Kommissioun hei de nächste Dossier an de Sand setzt.

**Muer e Schrëtt viraus** steet och fir d'Formation continue déi e Recht vir all Salarié ass an déi onbedéngt muss un digital Ära adaptéiert ginn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

**Muer e Schrëtt viraus** steet fir d'Fuerderung no méi sozialer Gerechtegkeet vum LCGB an ass d'Grondlag fir d'sozial Kohesioun an eiser Gesellschaft an domadder och de soziale Fridden an Demokratie an eisem Land ze festegen.

Den LCGB ass iwwerzeegt, datt sozial Gerechtegkeet a sozial Kohesioun an eisem Land net ka garantéiert ginn wa mir dauerhaft en Deel vun eiser Populatioun ofhänken:

- wa mir am digitale Beräich e Broch an eiser Gesellschaft riskéieren, well en Deel vun de Leit aus finanzielle Grënn oder wéinst hirer Formatioun keen Zougang zur digitaler Welt kréien;
- wa mir an der Educatioun een Deel vun eiser Jugend ofschreiwen;
- wa mir et net fäerdeg bréngen hei am Land all Mënsch, mee besonnesch jonke Leit, Zougang zu abordabelem Wunnraum ze garantéieren;
- wa mir et net fäerdeg bréngen eng Politik ze formuléieren déi Resident a Frontalier hei am Land nach méi zesummeféiert;
- wa mir Vollbeschäftegung net kënnen oder wëllen garantéieren;
- wa mir net endlech iwwer eise Schiet sprangen an d'Walrecht oder villäicht esouguer éischter d'Walpflicht op alleguerte Residenten hei am Land auswäiten.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Eng staark Demokratie brauch e stabilt Fundament wat op enger breeder sozialer Kohesioun an enger progressiver Gesellschaft berout a kann net zefridde sinn, wa geschwënn just eng Minoritéit iwwert d'Zesummesetzung vun eiser Chamber decidéiert.

Kolleeginnen a Kolleegen,

**Muer e Schrëtt viraus** heescht fir den LCGB och kontinuéierlech seng Servicer a Prestatiounen ze verbesseren. Am Kader vun de Steiererklärunge mat engem neie performante Logiciel, méi a bessere Prestatiounen och elo am private Beräich.

A schlussendlech, Kolleeginnen a Kolleegen, lancéiert den LCGB haut op dësem 1.Mee an sengen 102 Joer, seng APP "DeinLCGB". Vun haut un huet all Member säin LCGB bei sech an der Täsch a ka per Visioconsultatioun op d'Déngschtleeschtung vun senger Gewerkschaft zeréck gräifen.

Eist Motto heescht also ganz konkret: **Muer e Schrëtt viraus mam LCGB !**

**Vive d'Salariéen déi hei am Land schaffen!**
**Vive den LCGB !**

**Merci fir Är Opmierksamkeet an nach e schéinen Dag hei zu Réimech!**